Lëtzebuerger
Guiden a Scouten



# Formatioun 'Internationalitéit bei den LGS – Tourismus oder Scoutissmus'

| | |
|---|---|
| **Fir ween** | All Chef deen un Internationalitéit bei den LGS interesséiert ass. |
| **Formateur(en)** | International Ekipp |
| **Wou** | À définir, ronderëm d\'Stad |
| **Wéini** | **04. Mee 2024** vun **10:00** bis **15:00** |
| **Umeldung bis** | 01/05/2024 op https://chefbox.lgs.lu/formatioun/umellen/122/ |
| **Kategorie** | Aktivitéiten |
| **Typ** | Dobannen, Dobaussen |
| **Beschreiwung** | De Scoutissmus/d'Guidissmus ass de gréissten internationale Jugendmouvement vun der Welt mat 60 Millioune Memberen. Regroupéiert sinn se an zwee Weltverbänn WOSM a WAGGGS, an d'LGS sinn Member vu béiden. Ween huet net schonns e Camp am Ausland gemaacht (Jamboree, Moot, Roverway) oder war mat senger Trupp/Clan ënnerwee?<br>Et war bestëmmt eng interessant Erfarung, mee wat stécht alles dohannert?<br><br>Bréng fir d'Formatioun w.e.g. däi Picknick mat. Kaffi a Croissant fir Moies organiséiere mir!<br>Bréng och zousätzlech eppes mat, wat s du mat Internationalem Scoutissmus verbënns :) |
| **Ziler** | De Participante d'Internationalitéit bei den LGS méi no bréngen. Dono huet een een Iwwerbléck: vun de Weltverbänn, wat d'Aufgabe vun der Internationaler Ekipp sinn, wéi eng Méiglechkeeten ee bei der Organisatioun vu Campen am Ausland huet, wat fir Méiglechkeete vun schon organiséierte Campen existéieren, wéi een sech als Scout am Ausland verhale soll a wéi eng Internationalitéit Méiglechkeete wärend dem ganze Joer op ee waarden. |
| **Inhalt** | D'Formatioun ass eng Mëschung vu klenge Virträg, Diskussiounen an der Ronn a klenge Spiller/Übungen. |
| **Präis & Bezuelen** | 5.00 € Online<br>Bezuelinfos hues de an der Rechnung stoen. |

E grousse Merci un eis Sponsoren